**Evangelium vum 3. Adventssonndeg (Joer B)**

**Joh 1,6-8.19-28**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*
*A. Dir all Éier, Här.*

6 Do war e Mënsch, dee vum Herrgott geschéckt gouf;
hien huet Johannes geheescht.

7 Hie koum als Zeien,
fir Zeegnes vum Liicht ze ginn,
fir datt se all duerch hie gleewe sollten.

8 Hie selwer war net d'Liicht,
ma hie sollt Zeegnes vum Liicht ginn.

19 Dat hei ass d'Zeegnes, dat de Johannes ginn huet,
wéi d'Judde vu Jerusalem Priister a Levite bei hie geschéckt hunn,
fir hien ze froen: "Wie bass du?"

20 Hien huet bekannt an et net geleegent,
an zwar huet hie bekannt: "Ech sinn net de Christus."

21 Dunn hunn si hie gefrot: "Wat dann?
Bass du den Elias?"
Hie sot: "Neen, dee sinn ech net."
"Bass du de Prophéit?"
Hien huet geäntwert: "Neen."

22 Dueropshi soten si zu him: "Wie bass du dann?
Mir mussen deenen, déi äis geschéckt hunn, eng Äntwert ginn.
Wat sees du vun dir selwer?"

23 De Johannes sot:
"Ech sinn *eng Stëmm, déi an der Wüüst rifft:*
*Maacht dem Här säi Wee grued!*[i]*,*
esou wéi de Prophéit Isaias gesot huet."

[24] Et waren och Pharisäer dohi geschéckt ginn.

[25] Si hunn hie gefrot:
"Firwat deefs du dann, wann s du weder de Christus
nach den Elias nach de Prophéit bass?"

[26] Dunn huet de Johannes hinne geäntwert: "Ech deefe mat Waasser,
ma matzen ënner iech steet een, deen dir net kennt.

[27] Et ass hien, deen no mir kënnt.
Ech sinn et net wäert,
him seng Schongstréckele lasszemaachen."

[28] Dat hei ass a Bethanien geschitt,
déisäit vum Jordan,
wou de Johannes gedeeft huet.

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*

---

[i] *Is 40,3 LXX.*